



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2025.68797.SECR

Péiteng, den 12. November 2025

Betreff: Är Froe vum 12. Oktober 2025

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Nadine Schreiner - Tel.: 50 12 51 - 2011)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 12. Oktober 2025 stellt Dir dem Schännerot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schännerot,

An engem rezenten Artikel war et opfälleg, dat an enger Gemeng säit 2018 zousätzlech Virdeeler geschaf goufen, fir Memberen aus dem Schännerot a vir verschidde Gemengenaarbechter, nieft de legale Vergütungen. Hei war besonnesch Zousatzkrankeversecherungen opgefall.

Prekär gouf des Situatioun, wou erauskomm ass, dat déi Zousatzkrankeversecherungen iwwert de Gemengebudget finanzéiert gi sinn.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froen stellen:

- 1. Huet eise Schännerot an de lëschte 5 Joren nieft de legale Vergütungen, aner finanziell Zousazleeschtungen fir de Schännerot, respektiv fir Gemengenaarbechter akkordéiert, déi iwwert de Gemengebudget finanzéiert ginn si? Falls jo, wéi eng waren dat?*
- 2. Huet de Schännerot an de lëschte 5 Joren sech selwer oder aner Gemengemataarbechter Zousatzkrankeversecherungen iwwert de Gemengebudget finanzéiere geloss?*
- 3. Wéi eng legal Vergütungen krut de Schännerot an de lëschte 5 Joren zougesprach, déi iwwert de Gemengebudget gelaf si?*

*Mat Respekt,
Chris Bernard*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

D'Gemeng bezilt dem Schäfferot nëmmen déi vum Gemengerot beschloss monatlech Indemnitéiten.

Wéi dir aus dem Budget erausliese kënnt, betrëfft dëst och souwuel déi monatlech Indemnitéite fir d'Telefonskommunikatioune vum Schäfferot, ewéi och déi, déi si kréie wann si sech en neien Telefon kafen.

D'Mataarbechter vun der Gemeng kréie soss keng finanziell Vergütungen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,